Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

Wëllefcher

# Kleeschen Versammlung

**Geschicht/ Kontext :** De Kleeschen gëtt gekidnappt (Annexe 1). D'Kanner kënnen zum Schluss de Kleeschen fannen oder ee klenge Kaddo, mat engem Bréif vum Kleeschen (Annexe 2). Dir kënnt dat ganz als Rallye, Schnitzeljuegd, Fotosrallye oder Schatzsich organiséieren. Dës Aktivitéit kann duerch Duerf oder am Bësch gemaach ginn.

Hei sinn méiglech Ideen, wou dir ierch drun inspiréieren kënnt, ierch verschidden Aktivitéiten eraus wiehlen kënnt, an ierch äer Versammlung esou zesummen stëllen wéi et fir iech an ären Ruddel passt.

| | |
|---|---|
| De Kierper | • **Kaddo Staffellaaf**: d'Kanner musse souvill wéi méiglech Schongkëschten (« Kaddoen») op de Schlitt leeën (Plan...)<br>**Variant 1** : Hindernisparcours (Slalom Laf, ënnert Beem krauchen, iwwert eng Bänk...) fir Kaddoen auszedroen.<br><br>**Variant 2** : Këschte sollen vu kleng op grouss oder vun grouss op kleng gestapelt ginn.<br><br>**Variant 3:** an der Staffel fir de Kleeschen Kaddoen apaken. Kanner kréien ëmmer een anert Aarbechtmaterial mat (Päsch, Schnouer, Pobeier, Kaddo...). Déi eicht Equipe déi den Kaddo agepaakt huet, ass gewonnen.<br><br>**Variant 4:** Kanner maachen een Parcours mat engem Läffel wou eng Chrëschtbull drop léit. Parcours soll gemaach gi ouni dass Chrëschtbullen erof falen.<br><br>• **Schnéibullenschluecht:** Zeitung's Säite sinn a "Schnéikugelen" zesummengeknugelt. Zwou Equippe gi gewielt. D'Zeitungs Kugelen gi gläichméisseg tëscht béid Equippen verdeelt. Bannent enger Minutt mussen esou vill Pobeier Kugelen wéi méiglech op de géigneresche Feld geheit ginn. Dono gëtt gekuckt wou méi Schnéibullen léien. |
| De Geescht | • **Wat hëlt de Kleeschen mat a säi Sak?:** All Spiller sëtzen an engem Krees. E fänkt mam Saz un: "Den Kleeschen péckt säin Sak an hëlt een... Petzi mat". (All Spiller wielt säin Element selwer). Deen nächste Spiller widderhëlt de Saz a füügt eppes bäi: " Den Kleeschen péckt säin Sak an hëlt mat ... Petzi, an Monopoly" Et geet esou weider bis all Kand drun war.<br>**Variant**: Et dierf ee just eppes soen wat deen gläichen Buschtaf wéi säin Virnumm huet.<br><br>• **Kaddo Memory :** Wat ass a wéi engem Cadeau (Schongkëscht) dran? Et gi Saachen an Schongkëschten gemaach. Kanner sollen elo am Team déi 2 nämlech Saachen erëm fannen. |

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher & Programmekipp
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
wellefcher@lgs.lu | wellefcher.lgs.lu | Facebook : LGS – Wellefcher - Chef

E grousse Merci un eis Sponsoren

| | |
|---|---|
| Dat Soziaalt | • **Den Elfen Chaos:** De Kleeschen huet eng ganz Partie Roboterelfen déi egal wat maachen. D'Kanner bilden Gruppen vun zwee. Een spillt de Roboterelf, deen aneren dierf den Roboterelf kontrolléieren. De Roboterelf geet stänneg riichtaus an ännert seng Richtung nëmmen wann:<br>➢ Beréierung vun der lénkser Schëller: dréit 90 Grad no lénks;<br>➢ Beréierung Riets Schëller Touch: dréit 90 Grad no riets;<br><br>**Variant**:<br><br>➢ Touch um Kapp: ophalen!<br>➢ Touch um Réck: no hanne goen. |
| D' Gefiller | • **Bilan vum Joer:** Gespréich iwwert dat wat de Kanner dëst Joer gutt oder net sou gutt gefall huet, wat si sech géife fir d'nächst Joer wënschen.<br>**Variant**: Kanner molen mat Kräid een groussen Chrëschtbam (oder all Kand säin Chrëschtbam) op den Buedem. Cheffen an Kanner gi duerch Joer (Aktivitéiten, Ruddel,...) Wann si dat positive empfannen gi se op Spëtzt vum Bam, wann hinnen eppes net gefall huet gi si méi Richtung Stamm. |
| Dat Spirituellt | • **Boxemännchen**: „schéine Boxemännche" baken a formen a sech beim Feier Zäit huelen fir e genau ze schmaachen.<br>**Variant**: Stockkuchen um Féier<br><br>→ Rezept Boxemännchen: https://cookingislove.lu/boxemaennchen/oder Stockkuchen https://www.gutekueche.de/knueppelkuchen-rezept-1638<br><br>• **Origine an Legende vum Kleeschen:** Origine vum Kleeschen (Annexe 3) erzielen oder/an eng Kleeschen Legend erzielen (Annexe 4)<br><br>• **Geheime Wichtel:** Alias geheimen Frënd. Kanner zéhien een Numm, an sollen der Persoun an deenen nächsten Versammlungen eng Freed maachen. Zb. Bild molen, Rucksak droen, Kichelcher baken.... |

## Annexe 1: Bréif Ufank




Léif Wëllefcher,

Dir musst mir onbedéngt hëllefen!

Ech gouf gekidnappt an all meng Kaddoen goufen geklaut!

Ech brauch är Hëllef fir mech ze retten.

Ech hunn iech eng Fäert geluecht, Indizien verstoppt, wou dir mech kënnt fannen.

Gidd den Feiler/Woll/Wee op der Kaart no!

Ech hoffen dir kënnt mir hëllefen an fannt mech an Kaddoen erëm!

Merci fir är Hëllef!

De Kleeschen

## Annexe 2: Bréif Schluss

Merci fir är Hëllef Wëllefcher!

Ech hunn nach ganz vill Aarbecht fir all Kaddoen auszedeelen. An misst dofir och direkt lass!

Fir iech awer Merci ze soen hunn ech iech eppes Klenges mat bruecht!

Vill Spaass an loosst et iech gutt schmaachen!

De Kleeschen



E grousse Merci un eis Sponsoren

## Annexe 3: Sankt Nikolaus (Bischof und Heiliger)

Sankt Nikolaus soll einst Menschen in Not geholfen und vor allem ihre Kinder beschenkt haben. Das feiern viele Christen in jedem Jahr mit dem Nikolaustag am 6. Dezember.

Der heilige Nikolaus war Bischof der Stadt Myra. Sie liegt heute in der Türkei, direkt am Mittelmeer. Nikolaus soll von seinen Eltern sehr viel Geld geerbt haben. Die Legende erzählt, dass er das Geld nicht für sich behielt, sondern damit armen Menschen aus ihrer gröbsten Not heraus half. Vermutlich hat er auch viele Kinder beschenkt.

Weil Nikolaus mehr an die Armen als an sich selbst dachte, verehren ihn Christen bis heute als Heiligen und erinnern sich in jedem Jahr am Nikolaustag an ihn. (https://www.religionen-entdecken.de/lexikon/s/sankt-nikolaus)

## Annexe 4: Eine Nikolaus-Legende.

In der Stadt wohnte eine Familie mit drei Töchtern, die sehr arm war. Damals war es jungen Frauen nur möglich zu heiraten, wenn sie genügend Geld hatten. Kein Mann wollte zu der Zeit eine arme Frau heiraten. Der Vater machte sich furchtbare Sorgen, was aus seinen Töchtern werden sollte, wenn er einmal stirbt.

„Ich muss ihnen unbedingt helfen“, sagte sich Nikolaus, als er von der aussichtslosen Situation der jungen Frauen hörte. „Aber es soll niemand wissen, dass ich derjenige bin, der sie unterstützt.“

Mitten in der Nacht schlich er sich leise zum Haus der Familie und warf einen Klumpen Gold durch das offene Fenster. Als die älteste Schwester das Gold am Morgen fand, war sie überglücklich. Jetzt hatte sie genügend Geld, um zu heiraten und eine eigene Familie zu gründen.

Als ein paar Nächte später wieder Gold ins Haus geworfen wurde und die Zukunft der zweiten Schwester damit abgesichert war, hielt es der Vater nicht mehr aus. „Ich muss unbedingt wissen, wer es ist, der uns so unglaublich geholfen hat“, sagte er.

Er versteckte sich und wartete. Und tatsächlich: Es dauerte nicht lange, da kam Nikolaus und warf einen weiteren Goldklumpen durchs Fenster. Der Vater sprang auf und rannte zu ihm, um ihm zu danken: „Du hast meine Töchter vor einer traurigen Zukunft bewahrt, dafür werde ich dir immer dankbar sein!', rief er. „Das werden wir dir niemals vergessen!“

Nikolaus aber bat ihn, es niemandem zu erzählen. Er wollte kein Lob dafür. Für ihn war es selbstverständlich zu helfen, wenn er konnte. (https://www.dioezese-linz.at/heiliger-nikolaus/legende-die-drei-armen-toechter?fbclid=IwAR1W0GgzJPuQnVYfiIlxpLoU0poKcSlAmfXgj621ji9XJaGfrAxdFImxDXs)